



dans certains secteurs des frais démesurés, dus à l'absence de la possibilité de réaliser des économies d'échelle, mettent en danger la viabilité économique de toute une filière.

La Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural insiste donc à ce que la proposition COM(2013) 265 laisse aux États membres le libre choix en ce qui concerne la fixation du montant des taxes de contrôle.

Conclusion

Le contrôle effectué du respect des principes de subsidiarité et de proportionnalité par la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil concernant les contrôles officiels et les autres activités officielles servant à assurer le respect de la législation sur les denrées alimentaires et les aliments pour animaux ainsi que des règles relatives à la santé et au bien-être des animaux, à la santé et au matériel de reproduction des végétaux et aux produits phytopharmaceutiques, et modifiant les règlements (CE) n°999/2001, (CE) n°1829/2003, (CE) n°1831/2003, (CE) n°1/2005, (CE) n°396/2005, (CE) n°834/2007, (CE) n°1099/2009, (CE) n°1069/2009, (CE) n°1107/2009, (UE) n°1151/2012, (UE) (...) /2013 ainsi que les directives 98/58/CE, 1999/74/CE, 2007/43/CE, 2008/1120/CE et 2009/128/CE (règlement sur les contrôles officiels), fait apparaître que l'initiative législative en question comporte un certain nombre de dispositions qui ne sont pas conformes au principe de subsidiarité, ni au principe de proportionnalité.

Dans sa teneur actuelle, la proposition de règlement précitée est, en ce qui concerne les points ci-avant exposés, en contradiction avec l'article 5 du Traité sur l'Union européenne.

(s.) Roger Negri, Lucien Clement, Fernand Etgen, Henri Kox, Ben Scheuer.

E Vote sans débat gött virgeschloen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Wie mat dëser Résolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wär dann och dës Résolutioun à l'unanimité ugeholl.

Ech géif lech Merci soen an den Avis un déi zoustänneg europäesch Instanz weiderleeden.

## 5. Ordre du jour

An hiner Réunioun vum 27. Juni huet d'Présidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen: Haut de Mëtteg hu mer fir d'Éischt eng Froestonn un d'Regierung; duerno d'Question élargie N°33 vum Här Marcel Oberweis iwwert den Indicateur du bien-être; duerno de Projet de loi 6494, dat sougenanntent Fëmmgesetz, nom Modell 1; dann eng Konsultatiounsdebatt iwwert deen neie Plan hospitalier, och nom Modell 1.

Muer de Mëtteg um zwou Auer hu mer de Projet de loi 6390 iwwert d'Agenten am Enseignement fondamental, nom Basismodell; duerno de Projet de loi 6513, eng Direktiv iwwert d'Vente à découvert et certains aspects de contrats d'échange sur risque de crédit, nom Basismodell; dann de Projet de loi 6511 iwwert dem Stat sai Finanzement vun der Kläranlag aus Schëffleng an de Projet de loi 6512 iwwert dem Stat sai Finanzement vun der Waasserentsuergung an de Gemenge vum Atertdall an enger gemeinsamer Diskussioun, och nom Basismodell; dann de Projet de loi 6479A iwwert d'Gemengekontabilitéit, nom Modell 1, a schlussendlech eng Orientéierungsdebatt iwwert déi lëtzebuergesch Arméi, och nom Modell 1.

Et gött proposéiert, beim Projet de loi N°6390 als Temps de parole e Modell 1 amplaz vum Basismodell unzehuelen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Ass d'Chamber och mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Et hate verschidde Leit gefrot, fir d'Wuert ze kréien. Den Här Kartheiser.

## 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, Här President, ech hunn d'Éier, lech eng Proposition de loi ze iwwerreechen. Déi betrëfft eng Modifikatioun vum Gesetz vum 19. Juni 2012. An deem Gesetz wor eng Dispositioun abrogéiert ginn, déi aus dem Gesetz vum 21. Dezember 2007 staamt. D'Abrogatioun vun der Dispositioun kann Inzidenzen op d'Fräiheet vun der Press hei am Land hunn. Dat huet zu Protester vum Conseil de Presse gefouert. An déi Proposition de loi viséiert, dat Gesetz erëm an deem Zoustand hierstellen, wéi et virdu war, fir d'Fräiheet vun der Press hei am Land ze garantéieren.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

**6586** - Proposition de loi portant modification de la loi du 19 juin 2012 portant modification de la loi du 21 décembre 2007 portant

1. transposition de la directive 2004/113/CE du Conseil du 13 décembre 2004 mettant en œuvre le principe de l'égalité de traitement entre les femmes et les hommes dans l'accès à des biens et services et la fourniture de biens et services;

2. modification du Code pénal;

3. modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Den Här Adam huet d'Wuert gefrot.

## 7. Dépôt d'une résolution par M. Claude Adam

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Merci, Här President. Ech wollt de Mëtteg hei eng Résolutioun déposéieren, wou et och flott wier, wa mer dann och schonn de Mëtteg zu engem Vote kéinte kommen. Et geet em d'Iwwerwaachung an de Spionage vun de Vereenegte State vun Amerika. Rezent si mer villes iwwert de Programm, de Geheimprogramm PRISM gewuer ginn. Dat ass e Programm, deen d'elektronesch Iwwerwaachung an och d'Sammele vun Donnée weltwäit organiséiert huet, a virun allem och vu Leit, déi ausserhalb vun de Vereenegte State vun Amerika wunnen.

Mir sinn eigentlech consternéiert iwwert d'Envergue vun deenen Donnéeën, déi do gesammelt gi sinn. An dat betrëfft och all Mënsch. Dat geet iwwer all grouss amerikanesch Sociéiteiten am Internet: Microsoft, Yahoo, Google, YouTube, Facebook an esou weider. Do gött villes gesammelt, ouni datt mer et gewuer ginn. An dat betrëfft och souguer déi sozial Netzer: Hotmail an esou weider, Facebook souguer, alles wat iwwert d'Netz leeft, Voice over IP.

Mir sinn der Meenung, datt dat en Agrëff ass an d'Fräiheet vun den europäesche Bierger an och vun de lëtzebuergesche Bierger. A mir wiere frou, wa mer géifen dës Résolutioun haut zum Vote kréien. An där Résolutioun verlaange mer, datt éischtens d'Vereenegt State vun Amerika ophale mat deenen inakzeptabelen Aktivitéite vum Iwwerwaachung a vu Spionage géint eis Bierger a géint eis Sociéiteiten an Institutiounen.

Mir géifen dann och de President vun dëser Chamber hei opfuerderen, fir dës Résolutioun un d'Vereenegt State vun Amerika, un de Senat an un de President ze iwwerreechen. Ech ginn lech d'Motioun, da kéint een déi direkt, mengen ech, ausdeele loossen.

Merci.

### Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant que le programme secret «PRISM» est un programme de surveillance électronique et de collecte de renseignements à partir des communications Internet à l'intérieur et à l'extérieur des États-Unis et qu'il cible prioritairement des personnes vivant hors des États-Unis;

- consternée par l'étendu de cette surveillance mondiale et systématique qui permet aux services de renseignement des États-Unis d'accéder de manière automatisée aux données et aux activités de plus d'un milliard de personnes qui utilisent les services des grands fournisseurs américains de services Internet;

- vu que cet accès aux données inclut, à côté des logs de connexion Internet et téléphonique, les contenus des boîtes de courrier électronique, de données de réseaux sociaux, photos, vidéos, vidéoconférences, chats, les appels VoIP et les fichiers entreposés dans les services «cloud»;

- estimant que ces révélations confirment avec force les craintes quant au défaut de protection

des données et à la surveillance des citoyens européens déjà exprimées lors de la modification de loi américaine «Foreign Intelligence Surveillance Act (FISA)» en 2008;

- considérant inacceptables les activités d'espionnage politique des services de renseignement américains aussi bien à l'encontre de l'Union européenne, de pays membres et d'organisations internationales;

demande

- l'arrêt immédiat de ces activités de surveillance et d'espionnage à l'encontre des citoyens, sociétés et institutions européennes et nationales;

- de la part des États-Unis des preuves de leur bonne volonté afin de continuer à négocier entre partenaires sur base de confiance mutuelle;

- à son Président de transmettre la présente résolution à la Chambre des Représentants, au Sénat et au Président des États-Unis.

(s.) Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Josée Lorsché.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Mir géifen da méi spéit nach eng Kéier op déi Résolutioun zrëckkommen.

Da komme mer elo emol de Mëtteg zu eiser Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen normalerweis ofwiesselnd vun der Majoritéit an der Opposition, mä op Ufro vum Gesondheitsminister kënnt seng Fro als lescht drun, wat eis Lëscht haut e bësselchen ofännert.

Als Éischt hu mer de Mëtteg d'Fro N°242 vum Här Eugène Berger un den Ausseminister iwwert d'Oflauschteraktiounen vun den europäeschen Institutiounen duerch déi amerikanesch Geheimdëngschter. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

## 8. Heure de questions au Gouvernement

- **Question n°242 du 1<sup>er</sup> juillet 2013 de M. Eugène Berger relative à la mise sur écoute d'institutions européennes par des services secrets américains, adressée à M. le Ministre des Affaires étrangères**

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. De Samschdeg, mengen ech, war et, hat ech op „wort.lu“ an „tageblatt.lu“ gelies, den Ausseminister Jean Asselborn seet do: „Das ist abscheulich.“ E schwätzt do vu Geheimdëngschter, déi ausser Kontroll geroden. Deen éischte Moment hat ech gemengt, hie géif dat hei op lëtzebuergesch Geheimdëngschter bezéien. Wéi ech dunn awer e bësselche méi wäit da gelies hunn, hunn ech gesinn, datt et em déi aner, em déi weltwäit Äffär geet vum Ausspionéieren, Oflauschteren, Unzape vum Telefonsleitungen, vum Internetleitungen duerch d'NSA vun europäesche Bierger, awer och vun europäeschen Institutiounen. Och d'Büroe vun eenzelne Memberlänner sinn anscheinend ofgelauschtert, ofgezaapt ginn.

An et ass mëttlerweil - dat hei war de Samschdeg, wou ech dat gelies hunn -, mëttlerweil huet sech dat jo awer elo an deene leschten Deeg, Stonne confirméiert, datt dat dann effektiv esou ass. An ech mengen, ech deelen och den Avis vum Ausseminister, datt dat abscheulich ass. Mä et geet elo duer, mengen ech, mat der Zäit, wou een einfach nëmme Wieder driwwer verléiert, et muss een och also elo konkret handelen.

Dofir hunn ech verschidde Froen un den Ausseminister. Zum enge wéilt ech wëssen: Wéi wäit sinn eventuell lëtzebuergesch Büroen, Vertriebung betraff? Besonnesch och zu Bréissel eis EU-Representatioun respektiv eventuell Washington, gött et Elementer, datt déi ugezaapt gi sinn, ofgelauschtert gi sinn?

Ginn elo och vläicht déi Raim alleguerten nach eng Kéier nei op Wanzen oder op aner technesch - wéi soll ech soen? - Instrumenter oder Methode kontrolléiert?

Ass och gewosst eventuell schonn, a wat fir engem Ausmooss Lëtzebuerg Bierger vun der NSA ausspionéiert gi sinn?

Eng aner Fro ass déi, ob den Ausseminister den amerikanesche Botschafter bei sech zitéiert huet, fir eventuell nach weider Informatiounen ze kréien, eventuell och, fir säin Onmutt awer, deen e jo och an der Press ausgedréckt huet, och dem amerikanesche Botschafter ze iwwermëttelen.

Wat bedeit dat eventuell fir d'Relatiounen Lëtzebuerg/USA?

Dann hu mer och an der Press gelies, datt d'Europäesch Kommissioun - ënner anerem d'Madame Reding - gesot huet, datt een eventuell misst déi Diskussioun iwwert d'Fräihandels-

ofkommen mat den USA op Äis setzen. Wéi ass do d'Positioun vun der Lëtzebuerg Regierung? Géif si dat matdroen?

Eng lescht Fro ass dann déi: Haut de Moien hunn ech an der Zeitung gelies, datt de Snowden, dee jo à l'origine ass vun deenen Découverten oder vun deem, wat een elo lues a lues erausfënnt, datt mer do massiv iwwerwaacht gi sinn, deen huet do - ech weess elo net méi genau, a wat fir enger, et war an enger internationaler Zeitung - gesot, datt en net manner wéi 25 verschidden Asylunträg oder Asylunträg u 25 verschidde Länner géif stellen oder gestallt hätt.

Dofir meng Fro: Ass eventuell Lëtzebuerg och eent vun deene Länner? A wann dat de Fall wier, wat do dann d'Äntwert oder d'Reaktioun vun der Lëtzebuerg Regierung wier.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Den Här Ausseminister Jean Asselborn kritt d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*. - Also, dat Éischt, wat ech wollt soen, dat ass, dass effektiv dat jo eng ganz schlëmm Saach ass. Wat mer elo héieren, dat ass, dass selbstverständlech Bréissel am Collimateur ass do vun den Amerikaner, d'UNO zu New York. Verschidde Länner si genannt ginn, wéi zum Beispill Frankräich, Tierkei, Japan, Italien, wou Wanze sollen ubruecht gi sinn a wou och dann net nëmmen ofgelauschtert ginn ass, mä och d'E-Mailen, also den Internet soll iwwerwaacht gi sinn.

Also, wann Der meng Aschätzung wéllt dozou wëssen: Ech fannen, dat ass eng ganz, ganz schlëmm Geschicht, well jo d'Vertrauen zerstéiert gött, d'Vertraue vu Partenaire aus der Europäescher Unioun, och selbstverständlech Lëtzebuerg, an Amerika.

A vläicht déi lescht Fro oder déi zweetlescht Fro, déi Der gesot hutt: Gëschter hat ech mat eise Directeur politique geschwat, e soll den amerikanesche Botschafter hei selbstverständlech an d'Bild setzen, dass mer dat net kënnen esou hinuelen.

Dir gesitt jo och, dass d'Stëmmen an Europa praktesch vun alle Parteien an eng Richtung ginn, dass hei Vertrauen zerstéiert gött an dass ganz schnell muss géigereagéiert ginn, soss bleift do e Schued, deen net méi guttzemachen ass.

Ech wéll och soen, dass an deem Kader PRISM, wat jo méi dann och nach mat den Englänner ze dinne huet, dass do solle Milliarde Leit oder Milliarde Kommunikatiounen ofgelauschtert ginn, all Dag, dass dat natierlech nach méi schlëmm ass, wann d'Bierger iwwerwaacht ginn an hirer Kommunikatiounsfreiheet. Dir wësst, dass en totalitäre Regime sech jo eigentlech auszeechent doduerch, dass d'Kommunikatioun tëschent de Bierger iwwerwaacht gött. An totalitäre Regimer hu mer dat gesinn. An esou eppes dierf net geschéien tëschent Amerika a senge Frënn a senge Partner.

Wat d'Relatiounen mat Amerika ugeet: Ech mengen, et muss een elo vläicht Schrëtt fir Schrëtt selbstverständlech do goen. Mir als Lëtzebuerg hunn och d'Autoritéiten zu Bréissel encouragéiert, fir net ze lau ze sinn, ze mou ze sinn. Ech mengen, hei muss een effektiv eng kloer Sprooch schwätzen a soen, dass dat net ze toleréieren ass. Zemools - wat Der ugeschnidden hutt - well den nächste Méindeg deen Accord de libre-échange mat den Amerikaner négociéiert soll ginn.

A stellt lech vir, an deem Klima do, wou d'Europäesch Unioun keng Garantie kritt, dass dat doten agefallt wier, kann ech mer net virstellen, dass do seriö Verhandlungen kënnen stattfannen. D'Diplomatie berout jo op géigesäitegem Versteesdemech och an op engem géigesäitegem fairen Echange vum Argumenter a vu Positiounen. A wann ee mat Wanzen operéiert, mengen ech, da mécht een d'Diplomatie futti. An dat ass eng Saach, déi ganz, ganz schlëmm ass.

Ech géif net mengen, et sollt een den Amerikaner elo direkt soen, fir deen „free trade agreement“ ze stoppen, mä et sollt een d'Konditioun stellen, dass Garantie komme bis déi nächst Woch, dass dat doten arrétiert ginn ass an dass dat gestoppt ass. Anerefalls ass dat net méiglech.

Vläicht déi lescht Fro dann, vum Här Snowden. Effektiv hunn ech och gelies, wéi Dir, dass e soll 25 Länner ugeschriwwen hunn. Lëtzebuerg ass net do derbäi, soss weisst ech et. An ech mengen och, dass een hei muss ganz kloer kucken, dass een dat an en europäesche Kontext ersetzt. Ech wéll mech net hei an eng Polemik, elo iwwert dee Punkt, do wéll ech mech net eraknéien.

Mä ech wéll just soen, dat Wichtigst de Moment elo ass, dass effektiv d'Amerikaner ganz, ganz séier eis d'Garantie ginn, dass dat doten